lech den Zukunftspak vun der Regierung virstellt, an dëst Dokument geet jo och queesch duerch eng ganz Rëtsch Kommissiounen. A gëschter hunn awer just d'Membere vun der Finanzkommissioun eng Pabeierversioun vum Budget ausgedeelt kritt.

A mir wéisste gären, ob et net opportun gewiescht wier, fir de Budget no der Sitzung prett gehat ze hunn, zumindest fir déi Deputéiert, déi gären eng Pabeierversioun matgeholl hätten.

Merci.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci der Madame Adehm. D'Wuert huet direkt de Finanzminister, den Här Pierre Gramegna.

M. Pierre Gramegna, *Ministre des Finances.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech sinn da wéinst där Urgence heihinnerkomm, fir dann op déi Fro ze äntwerten. Mir hunn, wéi mer décidéiert hunn, dass mer géifen de Budget op en USB-Stick setzen, eis d'Fro gestallt, ob dat konform wier oder net, well mer effektiv dat nogelies hunn. Dat ass emol dat Alleréischt.

Dat Zweet: Dir frot mech, wat ech vun der Interpretatioun vum Reglement vun der Chambre des Députés halen. Et ass net u mir...

(Interruption)

Ech sinn net fäerdeg. Ech sinn net fäerdeg!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Hei huet just een d'Wuert. A virdrun hat och just een d'Wuert, dat war de Froesteller. An elo huet deen d'Wuert, deen drop äntwert. An ech géif lech da bieden, gutt nozelauschteren, wann ech gelift. Dat gëllt och fir den Här Reding!

M. Pierre Gramegna, *Ministre des Finances.*- Ech mengen, d'Madame Adehm huet jo och esou d'Fro gestallt, ob mir mengen - ob mir mengen -, dass dat konform zum Reglement vun der Chamber ass. An ech soen lech: Dir sidd zoustänneg, fir Äert Reglement ze interpretéieren, net ech! Ech maachen do keng Immixtioun.

Den drëtte Punkt: Well mer awer gesinn hunn, dass den Text a sengem Wortlaut e puer Interpretatiounen zouléisst, hat ech Kontakt mam President vun der Chambre des Députés an hunn him gesot, well hei vun „imprimés" rieds geet, loosse mer eng kleng Quantitéit a Pabeierversioun maachen, par courtoisie.

Véierte Punkt: De Gesetzestext, deen hei steet, dee schwätzt vun alleguerten de Gesetzer, dee mécht keng Distinctioun tëschent engem Gesetz fir de Budget oder engem anere Gesetz. An et ass esou, dass mir nach ëmmer dovunner ausgaange sinn, Dir alleguerten och, dass vun all Projet de loi, dass Der do eng Versioun am Pabeier kritt, an dann ass et d'Responsabilitéit vun der Chamber, fir d'Distributioun ze maachen.

Dofir schwätzen ech vu Courtoisie, well effektiv, wat d'Budgetsgesetz ubelaangt, et eng Gewunnecht war, dass mer der ganz vill gedréckt hunn an dass mer déi effektiv der Chamber, an net nëmmen der Chamber, zur Verfügung gestallt hunn.

Elo ass et esou, dass mer schonn d'lescht Joer d'Zuel vun den Exemplairen, déi mer drécke gelooss hunn, staark reduzéiert hunn. 2013 sinn nach 2.300 Exemplairë gedréckt ginn, 2.300 Exemplairë vun där Zill. An dat huet kascht: 18.303 Euro, 2013. D'lescht Joer si mer, wéi gesot, op 250 Exemplairen erofgaangen. Do huet et eis nach just 6.880 Euro kascht.

Dëst Joer hu mer jo fonnt, dass mer missten d'Technologië vun dësem Jorhonnert gebrauchen. Dofir hu mer den USB-Stick maache gelooss, an zwar zu engem Käschtepunkt, deen am Total fir dat Ganzt, fir déi véier Volummen, 2.374 Euro kascht huet. A mir hunn...

Entschëllegt, an da kënnt nach derbäi..., entschëllegt, ech hu mech elo geiert! Dat huet 1.653 Euro kascht, déi USB-Sticken. Mir hunn der 250 gemaach, Käschtepunkt 1.653 Euro. A mir hunn, wéi gesot, 30 Exemplairë gedréckt fir 2.374, soudass den Total vum Coût dëst Joer ronn 4.000 Euro ass. Also och nach e gudde Strapp méi bëlleg wéi d'lescht Joer!

Ech wëll hei Folgendes nach ënnersträichen: Ech mengen, mir hunn eis extra vill Méi ginn dëst Joer, fir dass Transparenz do ass a fir vill Leit fir de Budget ze interesséieren, natierlech inklusiv déi, déi als Éischt interesséiert sinn, dat sidd Dir. Den USB-Stick fonctionnéiert gutt. Ech hunn en nach haut de Moie selwer getest. Ech muss soen, et ass en extrem effikasst Instrument.

Ech ginn lech e Beispill. Wann Der wëllt erausfannen, wou ass an engem Article budgétaire dat Wuert „habillement" dran, da maacht Der dat an de Moteur de recherche an da kritt Der alleguerten d'Artikelen am Budget, wou „habillement" drasteet. Dat schéngt mer awer eng Method ze sinn, fir ze schaffen, déi méi effikass ass, wéi wann ee misst d'ganzt Buch duerchkucken, fir ze fannen, wou „habillement" drasteet.

A leschtens wollt ech nach soen, dass mer jo en Internetsite lancéiert hunn, deen en ligne ass, wou een de Budget och erëm eng Kéier erëmfënnt a wou een interaktiv a mat dynamescher, mat moderner Technologie ka Saachen offroen, wéi zum Beispill: Wat sinn déi gréisst Dépensë vum Stat? Wat sinn déi gréisst Dépensen an engem Ministère? Et dréckt een op ee Knäppchen an et huet een dat alles direkt!

Ech mengen, mir hunn alles gemaach, fir dass de Budget soll disponibel sinn als Informatioun fir d'Chambre des Députés, fir lech alleguerten, awer och fir de grand Public. A mir kréien och schonn Échoe vu Leit, déi sech freeën, dass een dat kann esou konsultéieren.

Dofir wollt ech lech just soen, dass mir mengen, dass mir dat Néidegt gemaach hunn. Wann allerdéngs elo eng Demande wier, fir méi Exemplaren ze drécken, da maache mir dat, Här President. Mä dat ass un lech ze décidéieren. Wann Der dat gären hätt, da kascht dat eben e puer Dausend Euro méi. Mir hu geschat, dat kéint tëschent 6.000 an 10.000 Euro méi kaschten, jee nodeem, wéi vill Exemplaren Der gären hätt. An da kascht dat déi Suen an déi Beem, déi da mussen ëmgehae ginn.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Pierre Gramegna, *Ministre des Finances.*- Ech soen lech Merci.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci dem Här Finanzminister. Eis Prozedur gesäit net vir, dass een no enger Question parlementaire nach eng Kéier d'Wuert gëtt. Ech wëll just soen, dass et richteg ass, dass mer 25 Exemplare kritt hunn, nodeem mer der gentiment 100 gefrot haten. Mir géifen dat maachen, zu deem den Här Finanzminister eis opgefuerdert huet. Mir géifen em dann no dëser Sitzung Bescheed soen, wat mer nach zousätzlech brauchen. An ech soen em da Merci, dass mer déi och kréien. Merci.

Mir géifen dann zum nächste Punkt vum Ordre du jour iwwergoen, dat ass de Projet de loi 6527 iwwert d'Organisatioun vun de Centres de recherche publics. D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluecht an d'Wuert huet direkt de Rapporteur, den honorabelen Här Roger Negri.

4. 6527 - Projet de loi 1. ayant pour objet l'organisation des centres de recherche publics; 2. modifiant la loi modifiée du 4 décembre 1967 concernant l'impôt sur le revenu; 3. abrogeant la loi modifiée du 9 mars 1987 ayant pour objet 1. l'organisation de la recherche et du développement technologique dans le secteur public; 2. le transfert de technologie et la coopération scientifique et technique entre les entreprises et le secteur public; 4. abrogeant la loi du 10 novembre 1989 portant création d'un Centre d'Études de Populations, de Pauvreté et de Politiques Socio-Économiques auprès du Ministre d'État

Rapport de la Commission de l'Enseignement supérieur, de la Recherche, des Médias, des Communications et de l'Espace

M. Roger Negri *(LSAP), rapporteur.*- Merci, Här President. Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'wëssenschaftlech Fuerschung soll ee vun de Kompetenzberäicher vu Lëtzebuerg ginn, eng nei zukunftsorientéiert Nisch mat beschter internationaler Reputatioun. Dofir musse mir eis aktuell Fuerschungsstrukturen nei opstellen. An dëst ass och den Haaptobjet vum Projet de loi vun haut.

Nach virun net allze laanger Zäit hate mir de Räichtum vun eisem Land sengem Buedem, der Minette, ze verdanken. No der Stolkris an der Mëtt vun de 70er Joren huet Lëtzebuerg aner Wirtschaftsberäicher wéi de Bankesecteur développéiert an développéiere missen, fir eis Liewensqualitéit op engem héijen Niveau ze halen.

Awer och sougenannt „Kompetenznischen" sinn definéiert a weiderentwéckelt ginn, wéi ënner anerem mat groussem Succès de Satellitteberäich. An och haut, wéi säit méi wéi 25 Joer, sinn d'politesch Décideure vun deene successive Regierunge weiderhin der Meenung, dass de wirtschaftleche Räichtum an d'sozial Kohäsioun nëmmen erreecht kënne ginn, wa Lëtzebuerg op Kompetenznische setzt.

An dësem Sënn huet d'ëffentlech wëssenschaftlech Fuerschung an deene leschten zéng Joer hei zu Lëtzebuerg en Opschwong erlieft, wéi e bis elo nach net do war. Fuerschung an Innovatioun schafen héichwäerteg Aarbechtsplazen an droen domat hiren Deel zur Lutte géint de Chômage bäi.

Mam Fuerschungsgesetz vum 9. Mäerz 1987 iwwert d'Recherche publique als Loi-cadre goufen eng éischte Kéier d'Centres de recherche publics, d'CRPen, per Règlement grand-ducal geschafen. Doropshi si folgend Entitéiten entstanen: éischtens, 1987 de CRP Gabriel Lippmann oder, anescht gesot, de CRP Centre universitaire, deen 1999 an Erënnerung un deen éischten Nobelpräisträger, deen zu Lëtzebuerg gebuer gouf, a CRP Gabriel Lippmann ëmbenannt ginn ass. Zweete war 1987 och de CRP Henri Tudor, deen an Erënnerung un de Lëtzebuerger Ingenieur an Erfinder am Beräich vun den Électrogénérateuren als CRP um Institut Supérieur de Technologie, IST, dunn an d'Liewe geruff gouf.

Béid CRPe fuerschen an den Ëmwelt- an an den Agrobiotechnologien, de Materialwëssenschafte souwéi de Gesondheets- an de Kommunikatiounstechnologien, woubäi ouni ze generaliséieren de CRP Lippmann méi an der Grondlagefuerschung an de CRP Tudor méi an der Recherche appliquée fir d'Betriber schafft.

Als Fallbeispiller kann ee vum CRP Tudor de Projet PILLS uféieren, deem säin Objektiv et ass, nei Léisungen ze fannen, fir d'Effete vu Medikamentereckstänn op d'Qualitéit vum Uewerflächewaasser maximal ze reduzéieren, an dann en anert Beispill vum CRP Lippmann, d'Entwécklung vun Nanoparticullen am Beräich vum Génie des nanomatériaux, déi et erlaben, e Medikamentecocktail geziilt an eng Kriibszell ze transportéieren.

Drëtt Entitéit war 1988 op därselwechter Basis de CRP-Santé als Deel vum nationale Gesondheetslabo. Hire Beräich läit an der Erfuerschung vun de Mechanisme vu Krankheeten, der Epidemiologie, der Diagnostik an der Behandlung vu mënschleche Kriibs-, kardiovaskulären oder infektiéise Krankheeten.

Véjertens ass 1989 de CEPS, de Centre d'Études de Populations, de Pauvreté et de Politiques Socio-Économiques am Statsministère, op Basis vun enger Loi organique sui generis geschafe ginn. De CEPS fuerscht am sozialwëssenschaftleche Beräich a befaasst sech mat Studien, zum Beispill iwwert d'Nohaltegkeet vun eisem Pensiounssystem, d'Effikassitéit vun de Mesuren um Aarbechtsmarché, fir d'Entscheedunge vum Stat an de sozioekonomeschen Acteuren ze ënnerstëtzen.

Fënneft a lescht Entitéit war 2008 d'IBBL, Integrated BioBank of Luxembourg, d'IBBL ass geschafe gi mat engem notariellen Akt ënnert der Forme juridique vun enger Fondatioun. Den Objet vun der Biobank ass ënner anerem, Échantillone vu Blutt, Urin, Serum a biologeschen Tissuen ze stockéieren an ze analyséieren an op dësem Wee national a virun allem international Fuerschungsprojete wëssenschaftlech an technologesch ze ënnerstëtzen.

Grënnungsmembere vun der IBBL waren déi dräi CRPe Santé, Lippmann an Tudor an d'Uni Lëtzebuerg. Eng éischt pluriannuell Konventioun gouf 2009 ënnerschriwwen. Mat dëser Konventioun huet de Stat der IBBL eng finanziell Ënnerstëtzung vu 55 Milliounen Euro zougeséchert. Nieft der Obligatioun fir d'IBBL, Drëttmëttel an Héicht vun aacht Milliounen Euro ze beschafen, fixéiert d'Konventioun nach eng gewëssen Zuel vun operationellen Objektiver, déi d'Biobank erreeche muss.

Här President, déi am Joer 2000 lancéiert Lissabon-Strategie hat zum Zil, bis 2010 aus der Europäescher Unioun déi kompetitiivst an dynameschst Wirtschaft vum Wëssen ze maachen. Am Kader vun dëser Strategie sollten d'Investissementer an de Beräicher Research and Development, R&D, bis 2010 op 3% vum Bruttoinlandsprodukt, dem PIB, klammen, eng Zilsetzung, déi europawäit net erreecht gouf - Lëtzebuerg ass bis op 1,66% komm - an 2010 an där neier Strategie „Europa 2020" fir Wuesstum a Beschäftegung nach eemol doméinst widderholl gouf.

Doropshin huet d'Lëtzebuerger Regierung 2010 décidéiert, fir bis d'Joer 2020 d'Intensitéit am Beräich Recherche bis op 2,3% respektiv 2,6% vum PIB ze steigeren. Dës Entscheedung ass trotz alle budgetäre Contraintë geholl ginn, well spéitstens säit der Finanz- an der Wirtschaftskris ab 2008 erëm ganz kloer ginn ass, dass Lëtzebuerg duerch eng ekonomesch Diversifikatioun seng Ofhängegkeet vum Finanzsecteur reduzéiere muss. Nei Méiglechkeete schaaft een nëmmen, wann een nei Iddien huet.

De Budget vum Stat fir de Beräich RDI, also Recherche, Développement an Innovatioun, ass an deene leschte 14 Joer sougutt fir den ëffentleche wéi fir de private Secteur konstant an d'Luucht gaangen, vun 28 Milliounen Euro am Joer 2000, dat waren 0,13% vum PIB, op 210 Milliounen (veuillez lire: 310 Milliounen) fir dëst Joer, dat sinn 0,65% vum PIB, an dat Ganzt mat 6.000 héichwäertegen Aarbechtsplazen! Et geet also hei och ëm vill Aarbechtsplazen.

Déi ëffentlech budgetär Kreditter fir d'CRPen hirersäits si vun 8,4 Milliounen Euro am Joer 2000 op 68 Milliounen am Joer 2013, an d'Personal vun de CRPen ass vu 719 Beschäftegter am Joer 2008 op 1.076 am Joer 2013 eropgaangen. All dës Entwécklunge weisen de Wëlle vun der Regierung, fir an d'Fuerschung ze investéieren an dorauser eng nohalteg Politik fir d'Entwécklung an d'Diversifikatioun vun eisem Land ze maachen.

An der Suerg, d'Lissabon-Strategie effikass ëmzesetzen, huet d'Regierung 2005 décidéiert, d'OECD mat enger Analys vum Lëtzebuerger Fuerschungssecteur ze beoptragen. Den Akzent sollt dobäi op déi ëffentlech Fuerschung geluecht ginn. Dëse Rapport huet, fir d'Gouvernance vum System ze verbesseren, ënner anerem virgeschloen, sougenannt „contrats de performance" tëschent der Regierung an deene verschiddenen Acteuren an der Recherche anzeféieren. Och sollte méi kloer Prioritéiten am Fuerschungsberäich gesat ginn, andeems een d'Aktivitéiten op eng gewëssen Zuel vun Domäne limitéiert.

D'Konklusioune vun dësem Rapport goufe vun allen Acteuren diskutéiert. An 2006 huet d'Chamber eng Motioun gestëmmt, mat där d'Regierung opgefuerdert gouf, dës Recommandatiounen ëmzesetzen. D'Joren 2006 bis 2008 goufe genotzt, fir d'Haaptrecommandatioune vum Rapport ëmzesetzen.

Trotz de ville Succèse vun de CRPe Lippmann an Tudor, déi net ze leegne sinn, huet eng Evaluatioun, déi op Demande vum Héichschoul- a Fuerschungsministère an deene leschten dräi Joer gemaach gouf, gewisen, dass et gewësse Schwächte géif ginn, virun allem a Saachen Iwwerschneidung vu Fuerschungsaktivitéiten, engem Feelen u Masse critique, vun engem Feelen un internationaler Visibilitéit an engem Feele vun enger zefriddestellender strategescher Concertatioun.

D'CRPen hu sécher hir Friichte gedroen. Elo ass awer den Zäitpunkt komm, fir dës Pionéierzäit ze verloossen an d'CRPen am europäeschen an internationale Kontext vu Fuerschung an Innovatioun ze konsolidéieren.

Här President, domadder kommen ech zu den Haaptëmännerungen am Gesetz vun haut par rapport zum Gesetz vun 1987, an déi ginn op véier Niveaue virgeholl: éischtens beim Statut, zweetens bei de Missiounen, drëttens, éischte Punkt: bei de verschiddenen Organer, zweete Punkt dovun: bei hirer Gouvernance; an als véierten a leschte Punkt, um Niveau vum Personal.

Ugefaange beim Statut vun de CRPen, gëtt elo dorauser offiziell en Établissement public, an dëst per Gesetz an net méi wéi virdrun iwwer Règlement grand-ducal, an dëst konform zur Constitutioun, nom Artikel 108bis.

Mä et ass selbstverständlech, dass Autonomie a Responsabilitéit zesummeginn. Dëse Projet de loi hält fest, dass d'Relatiounen tëschent dem CRP an dem Stat duerch eng pluriannuell Konventioun regéiert ginn, déi engersäits generell d'Politik vum CRP betrëfft, seng strategesch Choixen, seng Aktivitéite genau wéi seng Objektiver, an anersäits d'Mëttelen, déi de Stat op Basis vun deene gültege budgetäre Prozeduren zur Verfügung stellt.

E CRP, deen eng Autonomie genéisst, muss an aller Transparenz handele kënnen an och Rechenschaft doriwwer ofleeë kënnen. An dësem Kader gëtt d'Praxis vun den externen Evaluatiounen, déi hir Preuvë gemaach hunn, bäibehalen a konsequenterweis am Projet de loi och elo verankert.

Esou solle mat dësem Projet de loi CRPe geschafe ginn, déi den Exigenze vun der moderner Fuerschungs- an Innovatiounswelt gerecht ginn an déi capabel sinn, hir Prioritéite genauestens ze bestëmmen an awer och flexibel genuch sinn, fir hir Fuerschung schnell un déi national an déi international gesellschaftlech an ekonomesch Entwécklungen unzepassen.

Et ass deemno evident, dass d'CRPen net an all Beräich eng Exzellenz erreeche kënnen, a si mussen, fir den Ufuerderunge vun der gréisstméiglecher Qualitéit gerecht ze ginn, Prioritéite festleeën an hir Choixe maachen.

D'Relatioune mam Stat ginn iwwer pluriannuell Konventioune geregelt a Form vu Contrats de

performance - aktuell couvréiere se d'Period, mir haten de Mëtteg nach eng Réunioun doriwwer, vun 2013 bis 2017 -, déi mat den dräi CRPe Lippmann, Tudor, Santé, dem CEPS, dem Fonds national de la recherche, der BioBank-IBBL a Luxinnovation ofgeschloss ginn. Heimadder engagéiere sech d'Vertragspartner, eng gewëssen Zuel vu konkrete finanziellen a strukturellen Objektiver a Resultater am Géigenzuch zu der staatlecher Dotatioun ze erreechen. Op dës Manéier ginn d'Fuerschungsausgaben an eng zilorientéiert Relatioun gesat zu den erwaarte Resultater, an dat um wëssenschaftlechen, ekonomeschen an och soziale Plang.

Zu de finanzielle Ressourcë leet d'Gesetz am Detail fest, wat de CRPen zousteet. Zu dësen zielen ënner anerem d'Kontributioun vum Stat aus dem Statsbudget, déi finanziell Ënnerstëtzung aus Konventiounen oder fir national oder international Fuerschungsprojeten, d'Revenuen aus kontraktuelle Fuerschungsaarbechten oder Donen an Ierfschaften.

Schliisslech gëtt duerch dat neit Gesetz och nach d'Kollaboratioun vun de CRPe mat aneren Etablissementer, wéi zum Beispill och mat der Uni Lëtzebuerg, geregelt. Esou solle sech d'CRPen a Saache Fuerschungspolitik a Recherche-aktivitéite mat der Uni Lëtzebuerg beroden a Kollaboratioune gi kontraktuell geregelt.

Zweete Punkt vum Projet, dat sinn d'Missioune vun de CRPen, si sinn aus dem Gesetz vun 1987 am virleiende Projet iwwerholl a preziséiert ginn. Hir primär Missioun, d'Fuerschungsaktivitéite selbstverständlech, gëtt duerch dat neit Gesetz verstäerkt. Esou kann dës Missioun punktuell Projeten am Beräich vun der Grondlagefuerschung enthalen, mä d'Prioritéit vun de CRPe soll d'Recherche appliquée en faveur vun der sozioekonomescher Entwécklung vum Land sinn.

Anerersäits kréien d'CRPen duerch de virleiende Projet de loi weider zousätzlech Missiounen. Dat sinn d'Förderung vun der Aus- a Weiderbildung vun hirem Personal, besonnesch vu jonke Chercheuren, des Weideren d'Definitioun, d'Ëmsetzung an d'Evaluatioun vun den nationale Politicken an de genannte Beräicher.

Wat déi verschidden Organer - als drëtte Punkt vun der Ëmännerung vum Gesetz - ugeet, esou ginn et der an Zukunft dräi, an zwar nëmme méi CRPen, an net wéi bis elo déi virdrun ugeschwate fënnef Entitéiten. Déi éischt dovun, de CRP Henri Tudor an de CRP Gabriel Lippmann, ginn zesummegefouert, well se, wéi gesot, an deeneselwechte Beräicher fuerschen, an dat ab dem 1. Januar 2015, ënnert dem gemeinsamen Numm „Luxembourg Institute of Science and Technology", kuerz LIST genannt.

Zweetens, d'IBBL gëtt an de CRP-Santé integréiert, deen zukünfteg „Luxembourg Institute of Health", LIH, heescht. Eng Nuance zu dëser Regel gëtt awer agefouert am Zesummenhang mat der Integratioun vun der IBBL an de CRP-Santé. 2012 huet misse festgestallt ginn, dass d'IBBL de Financement tiers, esou wéi en an der pluriannueller Konventioun virgesi war, net erreecht huet, an dass d'BioBank och wahrscheinlech an deenen nächste Joren zu groussen Deeler vum ëffentleche Finanzement wäert ofhänken.

Aus dësem Grond ass déi juristesch Form vun der Fondatioun IBBL net méi déi richteg. Am Projet de loi ass dofir virgesinn, d'IBBL an de CRP-Santé, den zukünftegen LIH, ze integréieren. D'IBBL soll awer de Statut vun enger kloer definéierter Struktur kréien, mat enger gewëssener Autonomie, déi sech ënner anerem ausdréckt duerch eng eege pluriannuell Konventioun, also eegen, separat finanziell Moyenen an eng autonom, also vum Generaldirekter vum LIH onofhängeg Direktioun, woubäi d'IBBL awer direkt ënnert der Tutelle vum Verwaltungsrot vum neien LIH wäert fonctionnéieren.

Dës Organisatioun gëtt der BioBank déi fir hire Geschäftsmodell néideg Onofhängegkeet a garantéiert gläichzäiteg d'Confidentialitéit vun allen Échantillonen. De Projet de loi erlaabt och, le cas échéant, den Transfert vun den Aktivitéite vun der IBBL an eng nei juristesch Struktur vum Typ „spin-off".

Schliisslech erlaabt dës Organisatioun eng gutt, einfach an ekonomesch gënschteg Léisung fir den zentrale Stockage vun Échantillone fir d'Besoine vun der nationaler Fuerschung a gläichzäiteg ënnerstëtzt d'BioBank domat am LIH nach déi wëssenschaftlech Aarbecht fir d'Santé publique. D'IBBL bleift deemno eng Infrastruktur am Déngscht vun der ëffentlecher Fuerschung a vun den Entreprisen.

Deen drëtten a leschte CRP ass dann de CEPS, deen ëmbenannt gëtt an „Luxembourg Institute of Socio-Economic Research", kuerz LISER. Deemno gëtt et an Zukunft zu Lëtzebuerg dräi CRPen: LIST, LIH a LISER. Esou gëtt en homogeent Bild vun der ëffentlecher Fuerschung an en direkte Lien zu Lëtzebuerg domat geschafen, wat duerch déi engleschsproocheg Dénominatioun méi assimilabel ass a virun allem dat um internationale Plang domadder gëtt.

Zur Gouvernance vun den dräi CRPen ass ze soen, dass d'Regierung zwar duerch déi schonn ugeschwate Contrats de performance um Entscheedungsprozess bedeelegt bleift, dass d'CRPen d'Strategie vun hirer Verwaltung an hir zukünfteg Evolutioun awer selwer maachen an autonom bleiwen. Dës Approche, déi d'Autonomie vun de CRPe stäerkt, bréngt mat sech, dass d'Zesummesetzung vum Conseil d'administration a seng Attributioune genau wéi de Rôle vun de verschiddenen Organer an de CRPen an deem neie Gesetz och nei geuerdnet ginn.

An dësem Sënn besteet de Conseil d'administration vun engem CRP zukünfteg nëmme méi aus externe Persounen. D'Membere ginn zukünfteg nach just op Basis vun hire Kompetenzen an hirer Erfahrung ausgewielt. Fir de bessere Fonctionnement gëtt d'Zuel vun de Membere vun zéng op néng erofgesat an déi automatesch Representatioun vu verschiddene Ministeren am Conseil d'administration gëtt ofgeschaaft. D'Membere ginn op Propositioun vun der Regierung fir eng Period vu fënnef Joer bestëmmt, an dat begrenzt op maximal zwou Mandatsperioden.

D'Fonctioun vum Commissaire du Gouvernement allerdéngs gëtt bäibehale mat Voix consultative. De Regierungskommissär huet en Informatiouns- a Kontrollrecht an iwwerwaacht, ob d'Gesetzer an déi staatlech Konventiounen agehale ginn.

Zukünfteg besteet dem Conseil d'administration, an deem iwwregens kee Geschlecht mat manner wéi 40% dierf representéiert ginn - Sexe sous-représenté mindestens also 40% -, besteet dem Verwaltungsrot seng Haaptaufgab net méi doranner, Entscheedungen iwwert d'Gestioun ze huelen, mä vill méi an der Definitioun vun der genereller Politik an der Strategie vum CRP, an dat am Kader vun de pluriannuelle Konventiounen an deenen doran definéierten Objektiver.

De Generaldirekter vum CRP sengersäits ass de Chef vun der Exekutiv, CEO. Hien dirigéiert de CRP an ass responsabel fir déi néideg Kohärenz. Seng Aufgab ass et, déi vum Conseil d'administration definéiert Strategie ëmzesetzen an all Décisiounen am Zesummenhang mat der couranter dagdeeglecher Gestioun vum CRP ze huelen. Seng Roll gëtt mat deem neie Gesetz ganz däitlech gestäerkt par rapport zum viregte Gesetz.

Eng Ausnahm zu den übleche Besetzungen an de Conseils d'administration ass, dass am Verwaltungsrot vum CRP-Santé ee Member op Propositioun vun der Regierung vum Wirtschaftsministère genannt gëtt (veuillez lire: ee Member vun der Regierung op Propositioun vum Wirtschaftsminister genannt gëtt).

D'CRPe kréien do derniewent och en neit konsultatiivt Organ, de Conseil de concertation. An dëse Bäirot, am Contraire zum Conseil d'administration, besteet nëmmen aus interne Persoune vun de CRPen, a seng Aufgab besteet an der Ausaarbechtung vu konsultativen Avise fir de Conseil d'administration, virun allem iwwert d'Ausaarbechtung vun de pluriannuelle Konventioune mam Stat. De Conseil de concertation besteet aus aacht Persounen, dat si fënnef Chercheuren an dräi Personalvertrieder.

An domat kommen ech zum leschte Punkt vun der neier Organisatioun vun de CRPen, dat ass d'Personal. D'Personal gëtt duerch privatrechtlech Aarbechtskontrakter beim CRP beschäftegt, woubäi dee jeeweilege CRP säin eegene System fir d'Gestioun vun de Carrièren organiséiere muss an d'Konditioune fir de Rekrutement an d'Promotioun vum Personal definéiere muss. Och gëtt mat deem neie Gesetz eng Personaldelegatioun entspriechend dem Code du Travail agefouert, dër hir Aufgab et ass, d'Interessen an d'Aarbechtskonditioune vun de Salariéen ze verdeedegen.

An och wann déi fir d'Qualitéit vun der Recherche och an Zukunft bäizebehalen an op internationalem Niveau nach ze steigere sinn, werfen den ugeschwate Regruppement vum CRP Gabriel Lippmann a CRP Henri Tudor an déi ugeschwaten Integratioun vun der IBBL an de CRP-Santé, dës Neierungen, déi organisatoresch, strategesch an ekonomesch sënnvoll sinn, bei ville Leit, déi bei dëse CRPe schaffen, awer och Froen op a maachen hinne vill Suergen.

Esou stellt sech zum Beispill beim neie CRP-LIST d'Fro vum Organigramm, vun der Verdeelung vun den Aufgaben. Sécherlech wäerten Departementer zesummegeluecht ginn an anerer awer och zougemaach ginn, an net all Aarbechter, Mataarbechter wäert opgrond vu senger Spezialisatioun ouni Weideres op eng aner Plaz kënne versat ginn.

Eng aner Fro...

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.-* Dir misst esou lues zur Konklusioun kommen.

M. Roger Negri *(LSAP), rapporteur.-* Jo, Här President, ech hunn nach fir zwou Minutten.

Eng aner Fro ass déi vun de Standuerter: Wéini kommen déi zwee CRPe geografesch beieneen? Och no der Fusioun wäert de CRP LIST nach op méi Sitte verdeelt bleiwen. Fir e schnellt an effikasst Zesummewuessen ass dat wahrscheinlech net ideal.

Bei der IBBL an dem CRP-Santé stellt sech d'Fro no der Grille vun de Gehälter. Schliisslech hunn déi zwee Etablissementer an dësem Punkt bis elo ganz ënnerschiddlech fonctionnéiert. Ech vertrauen do awer drop, dass d'Regierung derfir suergt, Här Statssekretär, dass hei mat deem néidege Fangerspëtzegefill virgaange gëtt.

Dann, zur Propriété intellectuelle vun eisen ëffentleche Fuerschungszentren ass ze soen, dass all den intellektuellen oder ekonomeschen Output aus engem Fuerschungsprojet d'Propriétéit vum CRP ass, ausser dëst gouf an enger spezieller Konventioun anescht geregelt.

D'Fonctioune vun de Chercheuren hirersäits ginn och genau festgeluecht. Si bestinn niewent Fuerschungsaarbechten, dem Encadrement vun Theese vu Chercheuren, dem Austausch mat de sozioekonomeschen Acteuren an der Zivilgesellschaft och am Enseignement an an der Formatioun vun neie Chercheuren.

D'Rechter an d'Flichte vun de Chercheure ginn an enger vum Conseil d'administration ausgeschaffter spezieller Charte du chercheur no de Recommandatioune vun der Europäescher Kommissioun festgeluecht, déi de Chercheur mat senger Astellung akzeptéiert an ënnerschreift.

Här President, de Projet de loi iwwert déi nei Organisatioun vun de CRPe gouf de 14. Januar 2013 vun der viregter Regierung, vum Minister François Biltgen, an der Chamber deponéiert.

De Statsrot huet säin éischten Avis den 12. Juli 2013 ginn. An dësem huet en nach eng ganz Rei vu méi allgemengen a punktuelle Kriticken a Virschléi gemaach, iwwer ënner anerem d'Personal an d'Organisatioun, an och dräi Opposition-formellen ausgeschwat, déi d'Oplëschtung vun de Propriétés immobilières engersäits, d'Fixatioun vun de Montante vun den Indemnitéiten an de Jetone fir d'Membere vum Conseil d'administration an d'Definitioun vu gewësse supplementare Missioune fir d'CRPen anerersäits betraff hunn.

D'Héichschoulkommissioun huet Amendementer zum initiale Projet, déi haaptsächlech den Immobilier betraff hunn, den 20. November 2013 gemaach. Nodeems zwou vun den dräi Opposition-formellen direkt duerch dës Amendementer opgehuewe konnte ginn, huet de Statsrot a sengem Avis complémentaire den 20. Dezember 2013 seng Opposition formelle a Bezuch zu der Definitioun vun de supplementare Missioune widderholl. Nodeems dunn an der neier Legislaturperiod d'Kommissioun de 24. Abrëll 2014 insgesamt 31 Amendementer agereecht huet, huet de Statsrot den 11. Juli 2014 gréng Luucht fir de Projet ginn, an zwar an dër Form, wéi ech en elo hei rapportéiert hunn.

Här President, wann Der erlaabt, géif ech nach just gären e puer Mercie lassginn, ganz kuerz.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.-* Mä Dir sidd wäit iwwert d'Riedezäit ewech, och wann ech dann zur Kenntnis huelen, dass Der och den Accord wahrscheinlech vun der Fraktioun bréngt, da spuere mer jo e ganze Koup Riedezäit an dofir, wann d'Chamber do dermat d'accord wär, géife mer dem Rapporteur nach Zäit ginn, fir Merci ze soen.

M. Roger Negri *(LSAP), rapporteur.-* Da géif ech och Iech, Här President, villmools Merci soen. Wéi gesot, ech géif och herno déi 23 Minutten, déi ech zegutt hunn, dann net ausnotzen, dofir géif ech Iech Merci soen elo scho fir Ar grouss Flexibilitéit.

Merci soe wëll ech all de Membere vun der zoustänneger Kommissioun, wou mer ëmmer ganz sachlech diskutéiert hunn, ënner eiser exzellenter Presidentin Simone Beissel.

(Brouhaha)

Jo, dat muss elo sinn.

E grousse Merci och der Madame Christiane Huberty, eiser Chamberkommissiounssekretärin, fir hir wierklech exzellent Aarbecht. Dem Minister Claude Meisch a sengem Statssekretär Marc Hansen an hire gudde Beroder aus dem Héichschoulministère, den Häre Pierre Decker a Léon Diederich, villmools Merci. De Responsabele vun deene verschiddene CRPen: den Damme Catherine Larue, Marie-Paule Hoffmann, den Häre Marc Lemmer, Fernand Reinig, Jean-Claude Schmit an Hilmar Schneider, bei deenen ech als Rapporteur mat eisem Mataarbechter Tom Wenandy - och him e grousse Merci - am Summer sur place war fir jeeweils eng Entrevue, all hinne wëll ech e grousse Merci soe fir hir gutt a konstruktiv Zesummenaarbecht!

Här President, als Konklusioun, a fir wierklech zum Schluss ze kommen, wëll ech zesummefaassend soen, dass mer mat der neier Opstellung aus den aktuelle fënnef Entitéiten - Lippmann, Tudor, Santé, CEPS an IBBL - eriwwer zu den dräi neie CRPen - LIST, LIH a LISER - a Form vun dräi Établissement-publicken haut legislativ d'Weiche stellen, fir ab dem 1. Januar 2015 international gutt positionéiert ze sinn am Beräich vun der Fuerschung als nohaltegen, zukunftsfäege Kompetenzzenter fir Lëtzebuerg.

An domat ginn ech den Accord vu menger Fraktioun zu dësem Projet de loi a soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

Une voix.- Bravo!

Une autre voix.- Très bien!

Une troisième voix.- Exzellent!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.-* Merci dem Här Rapporteur, deen ech bieden, net méi esou erëmzekommen.

(Hilarité)

Als éischt Riednerin... A vu dass dann de Rapporteur esou grousszügeg vun der Chamber zousätzlech Riedezäit kritt huet, déi awer ze nuancéieren ass, géif ech dann och selbstverständlech, wann deen een oder aneren net eens gëtt mat senger Zäit, datselwecht uwenden. Ech hoffen awer, dass mer eens ginn!

D'Madame Martine Hansen huet d'Wuert.

Discussion générale

Mme Martine Hansen *(CSV).-* Merci, Här President. An ech kann Iech garantéieren, ech ginn eens mat der Zäit an ech wäert se och net ausschëpfen.

An e grousse Merci un de Rapporteur, den Här Roger Negri!

Une voix.- Aah!

Mme Martine Hansen *(CSV).-* Et ass definitiv elo schwéier nach eppes ze soen, wat net scho gesot ass. Ech wäert mech dann och zimlech kuerz halen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, viru genau 15 Wochen, den 2. Juli, hu mer hei op dëser Plaz d'Gesetz iwwert den FNR, de Fonds national de la recherche, gestëmmt. De Fonds national de la recherche stellt de Kader duer fir d'Recherche. Et ass e ganz wichtegt Instrument vun der Recherche. Mä déi eigentlech Recherche gëtt awer an de CRPen an an der Uni gemaach.

Datt d'Recherche eis Matière première, eis éischt Ressource ass, déi eis d'Méiglechkeet gëtt, fir eis wirtschaftlech, gesellschaftlech a kulturell esou ze entwéckelen, wéi mer dat brauchen, ass zënter den 80er Jore vun der Regierung als solches unerkannt an och konsequent gefërdert ginn. D'Weiderentwécklung vum Fuerschungssecteur - an domadder och d'Innovatioun - ass absolut noutwendeg, ass onëmgänglech. Mir brauchen nei Standbeener fir d'Diversifizéierung vun eiser Ekonomie.

D'CSV, déi bis d'lescht Joer d'Responsabilitéit an dësem Beräich hat, huet jorelaang hei op eng budgetär Prioritéit gepocht, an dat huet sech och rentéiert. Mat eise CRPen hu mer elo déi richteg Partner a mat dësem Gesetz kréie si och deen adequate legislative Kader.

Relativ fréi ass erkannt ginn, datt eng extern Evaluatioun vun dësem ekonomesch wichtege Secteur an och budgetär bedeitende Beräich onbedéngt noutwendeg an erfuerderlech wär. A genau dës Etüd - den Här Negri sot et och schonn -, déi vun der OCDE am Joer 2006 duerchgefouert gouf, ass den Ustouss gewiescht fir dëst neit Gesetz.

De Rapport vun der Etüd huet erginn, datt d'Gouvernance kéint verbessert ginn, d'Responsabilitéite vun den eenzelnen Acteure méi genau definéiert ginn an d'Koordinatioun tëschent deenen Acteure sollt méi effizient gestalt ginn. Genau dës Punkten, déi an dër Etüd erauskomm sinn, ginn an dësem Gesetzesprojet viséiert.

Ech hat et scho gesot, den Här Negri ass definitiv op all Detail an all Punkt agaangen. Ech wëll der awer dann e puer nach eemol ervirsträichen. Éischtens, d'Etüd vun der OCDE huet, esou wéi ech et gesot hunn, oder war den Ustouss fir dëst Gesetz. A well d'Evaluatioun fir all Beräich, net nëmme fir eis CRPe wichteg ass, mä fir all Betrib wichteg ass, ass och dës Evaluatioun, extern Evaluatioun an dësem Gesetz festgehale ginn.

Zweetens, de CEPS gëtt och elo e Centre de recherche public, de LISER, „Luxembourg Institute of Socio-Economic Research", dee CRP, deen, wéi den Numm et seet, fir d'Recherche am sozioekonomesche Beräich verantwortlech ass, ee Beräich, dee mer definitiv fir dëst Land net däerfen ënnerschätzen.

D'CRPe Lippmann an Tudor fusionéieren an ee CRP, de LIST, den „Luxembourg Institute of Science and Technology". An dee Wonsch vun der Fusioun war vun deenen zwee Acteure schonns méi laang geäussert ginn. Mam LIST kréie mer och elo hei e performante CRP am Beräich vun den Technologien an der Science.

D'„Integrated BioBank of Luxembourg" gëtt an de CRP-Santé integréiert a wäert zukünfteg LIH, „Luxembourg Institute of Health", genannt ginn. A mat dësem CRP - ech mengen, d'Aktualitéit beweist et, et ass ee CRP, ee Beräich, deen onbedéngt noutwendeg ass, dee fundamental an eiser Gesellschaft ass, deen ëmmer wäert gebraucht ginn, dee sech permanent muss entwéckelen - kréie mer och elo hei e wichtegen Acteur, fir dës Recherche no vir ze bréngen.

Une voix.- Très bien!

Mme Martine Hansen *(CSV)*.- Duerch de Regruppement vun eise CRPe gëtt elo d'Koordinatioun verbessert, ginn d'Synergië besser genotzt a mir wäerten och eng besser Visibilitéit - Dir hutt et scho gesot - no bausse kréien, wat nach zousätzlech eben ënnerstrach gëtt duerch déi dräi d'selwecht opgebauten Nimm: „Luxembourg Institute of..." an esou weider. Dat héiert sech vläicht op den éischte Bléck net onbedéngt esou ganz wichteg un, mä fir e klengt Land wéi Lëtzebuerg ass eng gutt international Visibilitéit extrem wichteg.

D'CRPe sinn, jiddweree fir sech, en Établissement public mat enger Autonomie juridique, financière, scientifique an administrative. Dës Autonomie op där enger Säit erfuerdert awer op där anerer Säit déi deementspriechend Responsabilitéit. An duerch d'Instrument vun de pluriannuelle Konventiounen, de sougenannten „contrats de performance", déi vun der leschter Regierung scho gemaach gi si mat de CRPen an der Uni, ka séchergestallt ginn, datt d'Objektiver vun de CRPen erreecht respektiv agehale ginn.

Dann huet den Här Negri et och scho gesot: D'Gouvernance huet misse verbessert ginn, huet missen ugepasst ginn. D'Etüd huet dat erausbruecht. Op där enger Säit hu mer elo e Conseil d'administration. Deen hält déi allgemeng Politik fest, leet d'Strategië fest an d'Aktivitéite vum CRP. Zousätzlech kontrolléiert en dës Aktivitéiten, an hie setzt sech zesummen - wéi gesot, dat ass nei - just nach aus externe Memberen, déi opgrond vun hire Kompetenzen an hirer Erfahrung an dësem Beräich ausgewielt ginn. Den Directeur général dann, dee féiert d'Décisioune vum Conseil d'administration duerch an hien assuréiert am Prinzip déi deeglech Gestioun a suergt fir de Funktionement vum CRP.

Een zousätzlecht, wichtegt Gremium, dat sech aus CRP-interne Leit elo zesummesetzt, ass de Conseil de concertation. Dëst konsultatiivt Organ gëtt Avisen un de Conseil d'administration iwwert d'Politik vun der Recherche, der Entwécklung an der Innovatioun an awer och iwwert déi pluriannuell Konventiounen, déi mam Stat gemaach ginn.

Ech mengen, mir hunn elo mat deem Conseil d'administration, dem Conseil de concertation, dem Directeur général a mam Commissaire du Gouvernement déi noutwendeg Basis, fir eng gutt Gouvernance vun de CRPen ze assuréieren.

Ech wëll awer nach kuerz op d'Representatioun vun de Geschlechter an de verschiddene Conseilen agoen. Als CSV hate mer 30% fir dat manner representéiert Geschlecht virgesinn. Dir hutt dëse Prozentsaz, esou wéi et an Ärem Regierungsprogramm steet, elo op 40% gehuewen, wat a priori och net schlecht ass an ze begréissen ass, awer sous condition, datt Der, esou wéi et am Gesetz festgeschriwwen ass, genuch kompetent Leit mat Erfahrung an dësem Beräich fannt. Ech wëll hei nach eemol drop hiweisen, esou wéi ech dat och beim Gesetz vum FNR gemaach hunn, datt dëst virun allem am Beräich vun de Sciencen an der Technologie net ëmmer evident ass, well ganz einfach an deem Beräich net esou vill Frae schaffen.

Ofschléissend wëll ech awer nach eemol ervirsträichen, datt d'CRPe sech am Laf vun der Zäit zu engem wierklech effizienten, absolut wichtegen an zouverlässegen Organ vun eiser Fuerschung an domadder vun der Entwécklung vun eiser Ekonomie entwéckelt hunn. Duerfir - ech gesinn, douewe sëtzen nach Leit vum Ministère - wëll ech u sech jiddwerengem vum Ministère, deen doru geschafft huet, awer och deene Leit aus de CRPe fir hiren Asaz Merci soen.

Mir sinn elo mat eisen dräi CRPen - dem LIST, dem LIH an dem LISER - gutt opgestallt, fir eis Recherche an de Beräicher vun der Science, der Technologie, der Gesondheet an dem sozioekonomesche Beräich nach weiderzeentwéckelen an, wéi gesot, wat ganz wichteg ass, fir d'Resultater vun eiser Recherche ze valoriséieren an eiser Ekonomie.

Ofschléissend ginn ech dann natierlech och den Accord vun der CSV-Fraktioun zu dësem Gesetzesprojet.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Merci der Madame Hansen. Nächsten ageschriwwene Riedner ass den Här André Bauler.

M. André Bauler *(DP)*.- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, haut ass e wichtegen Dag fir eis Lëtzebuerger Fuerschungslandschaft. Net nëmme well mer mam virleienden Text eis CRPe besser opgestallt hunn, mä och well mer uschléissend dem Finanzement vum Lëtzebuerger Max-Planck-Institut eng legal Basis wäerte ginn. No der rezenter Reform vum Fonds national de la recherche sinn dëst zwee weider wichteg Elementer, fir d'Zukunftsfäegkeet vun eisem Fuerschungsstanduert ofzesécheren, e Fuerschungsstanduert, dee vläicht net op eng jorzéngtelaang Traditioun zréckkucke kann, mä dee sech och net brauch hannert der internationaler Konkurrenz ze verstoppen.

An der Vergaangenheet gouf Lëtzebuerg dacks op seng Bankeplaz reduzéiert. Et ass wichteg, datt d'Regierung et fäerdegbréngt, fir Lëtzebuerg als moderne Fuerschungsstanduert ze promouvéieren, wou eng zukunftsorientéiert Fuerschung op engem héijen Niveau stattfënnt. An deene leschte Joren ass dat och gelongen, well mëttlerweil bréngen mer et fäerdeg, heizuland Topchercheuren ze rekrutéieren. Mä och hei si mer eréischt um Ufank vun engem Parcours. An Zukunft musse mer et och fäerdegbréngen, Betriber op Lëtzebuerg unzezéien, déi wéinst eiser Recherche heihinner wëlle kommen.

D'Fuerschung kann a soll net weltfriem sinn. Si soll net an deem vill zitéierten „Elfenbeinturm" stattfannen, neen, Fuerschung muss e Méiwäert, eng Plus-value fir eis Wirtschaft, fir eis Entreprisen, fir d'Liewen am Alldag, fir eis Gesellschaft duerstellen.

Den Impakt vun der Fuerschung gëtt also ëmmer méi wichteg. De Bierger muss gesinn, datt déi impressionnant Zomme vu Steiergelder, déi all Joer an d'Fuerschung investéiert ginn, och him direkt an indirekt zeguttkommen, sief et duerch d'Schafe vun neien Aarbechtsplazen oder sief et duerch Erkenntnisser, Resultater, déi dem Land a sengen Awunner hëllefen, Verbesserungen, wéi zum Beispill Verbesserungen am Schoulsystem ze maachen, oder nei Traitementer am Gesondheetsberäich.

Den Impakt vun der Fuerschung soll sech net exklusiv op ekonomesch Retombéeë beschränken, déi sécherlech e ganz wichtegen Deel sinn, mä méi breet ausfalen. Et muss een also och déi sozial a kulturell Aspekter vun der Fuerschung berücksichtegen.

Här President, wann een, wéi Lëtzebuerg, op eng Fuerschungsgeschicht vun nëmmen e bësse méi wéi engem Véirelsjorhonnert kann zréckblécken, da kann een ëmsou méi houfreg sinn iwwert dat, wat an där kuerzer Zäit geschitt ass. Zemools am Verglach mat anere Länner, déi wierklech doranner eng jorhonnertelaang Traditioun hunn.

Eis Uni huet sech an hirer dach kuerzer Geschicht eng fest Plaz an der europäescher Fuerschungslandschaft eruewert a bréngt et fäerdeg, exzellent Fuerscher aus der ganzer Welt unzezéien. Als Beispill kann een hei ënner anerem de Laboratoire vum Rudi Balling, deen en Deel vun der grousser Biomedezinsinitiativ ass, déi am Joer 2008 gestart gouf, zitéieren.

Den Här Balling huet hei a ganz kuerzer Zäit e Laboratoire opgebaut, dee wäit iwwert d'Grenze vum Land bekannt ass. Esou konnt zum Beispill e Fuerscher aus der Équipe vum Här Balling sech géint e Fuerscher vun der renomméierter Harvard University duerchsetze fir e Projet am Beräich vun der Alzheimer-Fuerschung.

Eis Centres de recherche publics hu sech gutt entwéckelt a si fir eis Betriber a Verwaltunge mëttlerweil en incontournabele Partner. A genee ëm dës Centres geet et jo hei am virleienden Text. Och wann een hir Geschicht duerchaus als eng Success Story ka bezeechnen, esou besteet dach awer e gewëssen Handlungs- a Reformbedarf. Meng Virriedner sinn dorop agaangen, ech wäert dat net méi maachen.

Am Kader vun der Lissabon-Strategie, déi ënner anerem eng Promotioun an den Ausbau vun der europäescher Fuerschung virgesäit, hat d'Regierung 2005 d'OECD domadder beoptragt, fir eng Analys vun eisem ëffentleche Fuerschungsdispositif ze maachen. Et goung drëms, d'Stäerkten an d'Schwächten ze identifizéieren a Recommandatiounen auszeschaffen, déi et eis sollten erlaben, eis ëffentlech Fuerschung besser opzestellen. E groussen Deel vun de Recommandatioune vun der OECD ginn, wéi schonn éinescht gesot, mat dësem Projet de loi ëmgesat. Si wäerten derzou bäidroen, datt eis CRPen hir exzellent Aarbecht aus der Vergaangenheet och an Zukunft kënne weiderféieren.

Här President, fir den zukünftegen Développement vun eiser Fuerschung ass et wichteg, datt et eng kloer Aufgabendeelung gëtt. Der Politik hir Roll soll der Meenung vun der DP no haaptsächlech doranner bestoen, fir der Fuerschung an de Chercheuren déi beschtméiglech Konditiounen ze bidden, fir datt sënnvoll a gutt Fuerschung an eisem Land ka bedriwwe ginn. Dofir ass natierlech den Dialog tëschent der Politik an de Fuerscher néideg a sënnvoll.

Mä wichteg ass awer och, datt all Säit hir Autonomie behält. Et huet sech nämlech erwisen, datt déi Länner, deenen hir Fuerschungsinstitutiounen eng staark Onofhängegkeet opweisen, e staarken Impakt op déi jeeweileg Wirtschaft a Gesellschaft hunn. Genee dat, nämlech eng verstäerkten Autonomie, huet sech de virleiende Projet de loi als Zil gesat. Dëst gëllt iwwregens och fir d'Reform vum FNR, iwwert déi mer virun der Summerpaus hei am Haus debattéiert hunn.

Méi Autonomie heescht awer net, datt d'Fuerscher all Orchideeëfach nogoe kënnen. Hei kënnt dann nees d'Politik an d'Spill. D'Relatiounen tëschent de Fuerschungsinstitutiounen an dem Stat ginn duerch déi sougenannt „contrats de performance" definéiert. Hei ginn d'Ziler vun de Fuerschungsdomänen definéiert an och am Kader vun enger Rumm festgeluecht. Innerhalb vun dëser Rumm sinn d'Institutiounen an d'Fuerscher fräi, fir déi Projeten ze definéieren, déi zu dësen Ziler bäidroen an domadder den Impakt vun der Fuerschung hei zu Lëtzebuerg kënne verstäerken.

Här President, als e Land mat enger jonker Fuerschungstraditioun a mat begrenztem Reservoir vun inlännesche Fuerscher si mir méi wéi aner Länner op gutt Fuerscher aus dem Ausland ugewisen. Dofir musse mer als Standuert besonnesch attraktiv sinn a bleiwen. Mä wat mécht dann eigentlech en attraktive Fuerschungsstanduert aus?

D'Attraktivitéit an der Fuerschung beschränkt sech sécher net nëmmen op appropriéiert Paien, mä virun allem op gutt Kaderbedéngungen. Wat fir eng Strukturen an Infrastrukture gëtt et an deem Land? Wéi gutt sinn d'Laboen ausgerüst? Wéi steet et ëm déi sozial Ofsécherung vun de Fuerscher? Gëtt et en interessante private Fuerschungssecteur? Oder nach: Wéi gesäit déi politesch Ënnerstëtzung vun der Fuerschung aus?

Iwwert déi politesch Ënnerstëtzung vun der Fuerschung ginn et, esou mengen ech, hei zu Lëtzebuerg keng zweeërlee Meenungen. Dat beweist eleng schonn déi vu Joer zu Joer klammend finanziell ëffentlech Ënnerstëtzung vun der Recherche. An an all deenen anere Punkten ass Lëtzebuerg och guer net esou schlecht a brauch sech net hanner Länner, déi deelweis, wéi gesot, op eng ganz laang Traditioun zréckblécke kënnen, ze verstoppen.

Sécher ginn et och Aspekter, wou nach Verbesserungsbedarf besteet. Ech denken hei un d'Koordinatioun, wou sécher nach Loft no uewen ass. Hei kënnen awer déi Gesetzesännerungen, iwwert déi mer haut hei diskutéiere respektiv déi mat der Reform vum FNR schonn ëmgesat goufen, e wichtege Schratt zu enger Verbesserung bäidroen.

Wou mir sécher och nach net eist ganzt Potenzial ausgeschäfft hunn, ass eis Participatioun an den europäesche Fuerschungsprogrammer. Mir mussen an Zukunft derfir suergen, datt eis Fuerschungsinstitutioune besser um „Horizont 2020" participéieren, well dat eng eemoleg Chance, eng eemoleg Geleeënheet ass, fir a multilaterale Projekter - mat deene beschten aus Europa - Fuerschung ze bedreiwen. Dat erhéicht op där enger Säit souwuel d'Visibilitéit vun der Recherche an op där anerer Säit dréit et och zu engem méi héijen Impakt vun der Fuerschung op eis Ekonomie an op d'sozial Kohäsioun bäi.

Här President, et ass immens wichteg, fir och a grad bei eiser Jugend den Appetit un de Wëssenschaften, den Naturwëssenschafte besonnesch, ze erwächen. Fir Lëtzebuerg leien d'Ressourcen nun eemol an de Käpp vu sengen Awunner. Mir mussen dofir méi Jugendlecher derzou beweegt kréien, fir driwwer nozedenken, eng wëssenschaftlech oder technesch, technologesch Disziplin ze studéieren an och esou eng Carrière anzeschloen. Schliisslech ka keng Fuerschung ouni Fuerscher funktionéieren.

Et kann net sinn, datt mer e Fuerschungsstanduert opbauen a mer bal keng Lëtzebuerger Chercheuren hei erëmfannen. Am Ausland wier dat ondenkbar. Mir brauchen also an dësem Kontext eng nei Mentalitéit. Wéi fréier de Bankesecteur sech rasant entwéckelt huet, war de Reflex bei ville jonke Leit deen, fir Ekonomie a Finanzen ze studéieren. Haut wësse mer, datt dat net méi an alle Fäll eng Garantie fir eng interessant a fir eng sécher Aarbechtsplaz ass.

Mir hu mëttlerweil e chroneschen Defizit u Leit, déi Naturwëssenschaften, Mathematik oder Ingenieurswëssenschafte studéieren. Och am ICT-Beräich feelt et däitlech u Fachkräften. Dogéint hu mer en Iwwerschoss an de Geschichtswëssenschaften, mat 500 Studenten, déi ënnerwee sinn, oder an der Psycho, mat 800 Studenten.

Et ass also och eng Erausfuerderung vun der Schoul, fir derfir ze suergen, datt méi jonk Mënschen an déi Richtung studéiere ginn, wou och Leit gebraucht ginn a wou mer amgaange sinn, en neie Créneau vun eiser Wirtschaft opzebauen. Hei muss also a Saachen Informatioun, Orientéierung a Basisformatioun nogebessert ginn. An et muss versicht ginn, deene Jonken d'Angscht virun esou engem Studium ewechzehuelen. Hei stellt sech also och e klore pädagogeschen an didakteschen Défi an eise Lycéeën.

Den FNR ënnerstëtzt d'Promotioun vun der Culture scientifique mat enger Rëtsch vun Instrumenter. Denke mer un den „Mister Science", un den „Pisa-Wëssensmagazin", un d'Aktioun „Chercheurs à l'école" - och den „natur musée" spillt hei eng net onwesentlech a wichteg Roll. Mir mussen onbedéngt op dësem Wee weidergoen a jonk Leit op esou Beruffer esou fréi wéi méiglech zolidd virbereeden, se sensibiliséieren a se mobiliséieren. Dofir ass et gutt, datt Héichschoulministère a Schoulministère ënnert der Verantwortung vun deem nämlechte Minister stinn.

Här President, wéi uganks vu menger Ried scho gesot, stelle mir haut d'Weiche fir d'Zukunft vun der ëffentlecher Fuerschung zu Lëtzebuerg. Wa viru méi wéi engem Jorhonnert eis wichtegst Ressource de Minerai de fer, d'Eisenäerz am Minette war, dann ass et mat Sécherheet fir déi nächst Joren a Jorzéngten d'Wësse vun eisen Awunner. D'Fuerschung, egal ob privat oder ëffentlech, hiert Abannen an eis Ekonomie, wäert eent vun de Schlësselelementer fir eng erfollegräich Zukunft vun eisem Land duerstellen.

Aus deem Grond begréisst d'Fraktioun vun der Demokratescher Partei de virleiende Projet de loi, mat deem eis CRPe fir d'Zukunft fit gemaach ginn, ausdrécklech. Ech bréngen dann och heimadder den Accord vu menger Fraktioun zu dësem Text.

An éier ech zum Schluss kommen, wollt ech awer dem Rapporteur, dem Kolleeg Roger Negri, Merci soe fir säin detailléierte schréftlechen an ausféierleche mëndleche Rapport, deen et mir erlaabt huet, fir a menger Ried net méi op all Punkt vun dësem Projet de loi anzegoen, mä e bësse méi generell iwwert d'Wichtegkeet vun der Fuerschung hei zu Lëtzebuerg ze schwätzen.

Ech soen Iech villmools Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Merci dem Här Bauler. Ech kréien esou lues e schlecht Gewëssen!

(Hilarité)

Wann ech dem Här Bauler nolauschteren, dann hätte mer dem Här Negri nach e bësse méi Riedezäit misse ginn. Mä dat gesot, Geck an den Eck!

Nächste Riedner ass den Här Claude Adam fir déi gréng.

M. Claude Adam *(déi gréng)*.- Merci, Här President. An ech bueren dann nach e bësse weider un Ärem Gewëssen, ech fänken do un, wou de Kolleeg André Bauler opgehalen huet, ech soen dann natierlech och dem Roger Negri Merci. An effektiv, well hien esou ausféierlech war, souwuel a sengem schréftleche wéi och a sengem mëndleche Bericht, mécht en eis et e bësselche méi einfach, fir eben déi Punkten erauszegräifen, déi aus eiser Vue déi wichtegst sinn.

Déi zwee CRPen Tudor a Lippmann hu viru méi wéi zwee Joer décidéiert, oder wéinstens ëffentlech décidéiert, zu engem Institut, dem LIST, ze fusionéieren. Dës Décisioun ass d'Resultat vun enger laanger Zesummenaarbecht, ville Planificatiounen an Diskussiounen. An et schéngt eis och eng Noutwendegkeet ze sinn, déi och kaum a Fro gestallt ka ginn.

Et ass logesch, datt zwou Fuerschungsinstitutiounen, déi sech op Gebidder engagéieren, déi zwar net identesch sinn, déi awer eng ganz Rei Iwwerschneidungen a Beréierungspunkten hunn, zu der Konklusioun komm sinn, ze fusionéieren. Dat ass e Schratt, dee soll derzou bäidroen, méi effizient ze schaffen, méi visibel ze ginn, op europäeschem an op internationalem Plang.

Dat ass och e Schratt, an dat ass och schonn hei gesot ginn, deen am Aklang mat de Recommandatioune vun der OECD hirer Analys vun eiser Fuerschungslandschaft steet. Do heescht et jo, ënner anerem, datt d'Koordinatioun tëschent deene verschiddenen Acteuren an awer och deene verschiddene Ministërë misst verstäerkt ginn an datt mer eis sollten op eng begrenzten Zuel vu Gebidder limitéieren a konzentréieren.

déi gréng begréissen et, datt déi zwee CRPen zu engem méi grousse CRP zesummewuessen. A wann ee weess, wéi schwéier esou Prozesser bei eis am Ländchen heiansdo sinn, da kënnt een och net derlaansicht, fir den Direkteren an de Conseils d'administration vun deenen zwee CRPen ze félicitéieren, datt se dee Schratt fäerdegbruecht hunn.

Datt mer déi zwee Nimm mat Historique Gabriel Lippmann an Henri Tudor elo opginn an duerch eng éischter banal Bezeechnung „Luxembourg Institute of Science and Technology" verschwannen dinn, dat ass e bësse schued, mä dat huet awer seng Berechtegung, dat huet och d'Madame Hansen gesot. Mir probéiere jo - dat Gesetz hei geet jo wäit iwwert déi Fusioun vun deenen zwee CRPen eraus -, mir probéieren, eis CRP-Landschaft allgemeng méi visibel ze maachen am internationale Kontext. Si heeschen elo, zumindest op Englesch, an dat ass jo déi dominéierend Sprooch an der Recherche, alleguer „Luxembourg Institute of…", an dann eben: „… Science and Technology", „…Health" oder „… Socio-Economic Research".

Ech hu jo gesot, datt mer et begréissen, datt déi zwee Instituter zesummewuessen. Ech wëll awer och hei e puer Suergen zum Ausdrock brëngen, an ech wier frou, wann den Här Minister, den Här Statssekretär eis kéint e puer berouegend Äntwerte liwweren an deem Kontext.

Éischt Fro: Wéi ass et mam Zäitplang? Den 1. Januar gëtt et kee Lippmann a keen Tudor méi, nëmme méi e LIST. Dat ass schonn a ronn 75 Deeg! Mir wëssen nach ëmmer net, wien de Chef gëtt vun deem groussen neien Institut. A souwäit ech informéiert sinn, ass den Termin, wou Kandidaturen zougelooss waren, am Juni 2014 ofgelaf. Hunn d'Headhunteren hir Aarbecht nach net ofgeschloss? Wier et net och néideg, datt scho virun dem 1. Januar de CEO vum LIST géif säin Amt iwwerhuelen?

Eng zweet Fro: Den Zesummeschloss vun deenen zwee Instituter erlaabt, an dat steet och am Projet de loi am Exposé des motifs, eng gewëss Rationalisatioun op enger ganzer Rei vu Gebidder: Deier Apparater mussen net zweemol kaaft ginn, de Fait, datt zwou verschidden Équippen u ganz ähnleche Projete schaffen, gëtt ausgeschloss an Zukunft an och um Niveau vun der Administratioun gi Rationalisatiounen an Aussiicht gestallt. Dat mécht alles Sënn. Mir schaffen hei mat Suen, déi hiren Ursprong an ëffentleche Gelder hunn. Et ass wichteg a richteg, rationell ze schaffen.

Et schéngt och esou ze sinn, datt eng Rei Leit elo nach an engem Beräich schaffen, deen an Zukunft keng Prioritéit méi huet. Et ass dat erkläert Zil, méiglechst keng Leit duerch d'Fusioun ofzebauen, an awer ass eng gewëssen Onsécherheet bei enger ganzer Rei Leit ze verspieren, déi an de CRPe schaffen.

Wier et net vläicht awer sënnvoll, mat de Beschäftegten zesummen e Sozialplang auszeschaffe fir déi Mataarbechter, déi net méi gebraucht ginn, oder gëtt et där Mataarbechter keng, déi net méi gebraucht ginn?

An en drëtte Punkt, iwwert dee mer eis och Gedanke maachen: Deen neie CRP-LIST kritt och eng nei hierarchesch Struktur, an ee Virworf, deen d'Uni schonn a verschiddenen Evaluatioune gemaach kritt huet, deen taucht dann och bei de CRPen op: An dat ass déi intern Kommunikatioun.

Mengen Informatiounen no sinn eng Rei Mataarbechter net frou iwwert déi intern Kommunikatioun, oder déi feelend intern Kommunikatioun. Den Zefriddenheetsgrad bei de Mataarbechter ass am Allgemengen anscheinend net zum Beschten. D'Wëssensgesellschaft baue mer awer mat Wëssenschaftler, mat Mënschen op. An ech ginn dem Här Bauler ganz recht, wann e seet, datt mer och musse kucken, fir d'Fuerschungsberuffer attraktiv fir eis Jonk ze maachen, mä dat huet dann och eppes mat Aarbechtskonditiounen ze dinn.

Et ass och esou, datt am CRP Henri Tudor d'Zuel vun de Mataarbechter erofgaangen ass an deene leschten zwee, dräi Joer. Datselwecht gëllt zum Deel fir de CEPS.

Sinn dem Ministère Donnéeën iwwert den Zefriddenheetsgrad vun de Mataarbechter bekannt?

Souwäit eis Froen an Iwwerleeungen zum CRP-LIST. Wéi scho gesot, den aktuelle Projet de loi geet wäit doriwwer eraus. Mat dësem Gesetz wëlle mer een allgemenge Kader setzen, dee fir all CRPen d'selwecht ass, also fir de LIST, de CRP-Santé an de CEPS. D'CRPe ginn iwwer e Gesetz als Établissements publics definéiert, déi souwuel juristesch wéi finanziell wéi wëssenschaftlech an administrativ autonom funktionéieren.

Och wann ech net direkt déi grouss Gefor gesinn, datt d'CRPen ze vill spezifesch lëtzebuergesch kéinte ginn an datt dat hirer internationaler Renommée géif schueden, si mer natierlech dermat d'accord, datt si eng international Ausriichtung mussen hunn.

Et ass och gutt, datt déi allgemeng Missioune vun de CRPen elo am Gesetz stinn. A mir sinn och d'accord mat den zousätzlechen a spezifesche Missiounen, wéi se am Gesetzesprojet stinn.

Déi Verännerungen, wat de Conseil d'administration betrëfft, kënne mer guttheeschen, an och de Fait, datt déi verschidde Ministèren net méi an de Conseils d'administration vertruede sinn. An als Géigepartie fir deen Deal fanne mer et awer richteg, datt e Regierungsvertrieder mat Voix consultative bei de Réuniounen derbäi ass. Dat erliichtert d'Kommunikatioun tëschent CRP a Ministèren. A wann dee Commissaire du Gouvernement seng Aarbecht gutt mécht, dann hëlleft dat och de CRPen, sech un déi geltend gesetzlech Regelen ze halen, a sief et nëmme bei dem Anhale vun de Regele bei Ausschreiwungen.

Datt d'Autonomie net méi esou wäit geet, datt d'CRPen d'Propriétairë vun de Gebaier ginn, fanne mer éischter eng gutt Léisung. Och bei der Uni schéngt sech d'Usiicht duerchgesat ze hunn, datt si beim Propriétaireszeenario net nëmme géif gewannen.

Mir mengen, datt mat dësen Neierunge kann dozou bäigedroe ginn, datt mer zu Lëtzebuerg zwee staark Pole vun der Recherche kréien: engersäits d'Uni, anerersäits eben d'CRPen. Datt och d'Zesummenaarbecht tëschent Uni a CRPe verbesserungswierdeg ass, dat ass en Dossier fir sech. Ee Problem an der Zesummenaarbecht schéngt schonn emol um Gebitt vun dem Opbau vun Doktorandeschoulen ze leien. Do kréie mer bestëmmt nach Geleeënheet, och doriwwer ze diskutéieren.

Am Rapport ginn nach e puer Froe vun de Beruffskummeren opgeworf, ouni allerdéngs beäntwert ze ginn. D'Chambre des Salariés freet, genee wéi de Statsrot, firwat datt dann net amplaz vun engem Comité de concertation ee Comité mixte gesat gi wier.

Interessant ass och déi Fro iwwert d'Droits d'auteur an d'Droits de propriété intellectuelle, déi d'Chambre des Salariés opwërft. Jo, mir sinn och der Meenung, datt d'Aarbecht vun den eenzelne Chercheuren et verdéngt, valoriséiert ze ginn. An et ass fir eis net direkt verständlech, firwat et een anere System op der Uni wéi bei de CRPe gëtt, wat dës Rechter betrëfft.

Eng ganz Rei Froe ginn am Rapport och zu der Integrated BioBank of Luxembourg, déi jo elo an de CRP-Santé integréiert gëtt, opgeworf. Ech wëll net de Résumé vum Rapport maachen, duerfir just meng Fro un de Minister: Funktionéiert d'IBBL zur Zefriddenheet? Sinn déi Hoffnungen a Suen, déi an dëse Projet gestach goufen, zu Ärer Zefriddenheet agesat ginn?

Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, den Dossier Fuerschung ass voluminéis a wichteg. Mir hunn duerch déi enorm Geldzommen, déi mer hei investéieren, eng grouss Verantwortung. D'Uni an d'CRPe mussen engersäits kënnen autonom schaffen, anerersäits musse mir kënne Rechenschaft ofleeën, ob déi Sue gutt investéiert sinn. Dat probéiere mer iwwert d'Contrats d'excellence (veuillez lire: d'Contrats de performance) an extern Evaluatioun sécherzestellen. Mir sinn der Meenung, datt och eis Fuerschungs- an Héichschoulpolitik muss méiglechst transparent organiséiert sinn.

Mat dësem Gesetz maache mir e Schrëtt an déi richteg Richtung. Mir hu vill Problemer ugeschwat; anerer hu mer nach guer net touchéiert. Et gëtt jo nach divers aner Fuerschungszellen am Land, déi si vun dësem Gesetz net beréiert, ginn awer och vum Stat finanzéiert, zum Beispill de CVCE, an deem eng 40 Leit schaffen an iwwert dee mer och schonn ëfters an der Héichschoulkommissioun geschwat hunn. Mir hunn een onofhängegt Institut fir Zäitgeschicht am Raum stoen.

Ech brëngen den Accord vun der grénger Fraktioun zum Projet 6527 a freeë mech iwwert déi weider Diskussiounen iwwert déi wichteg Entwécklung vun eisem Héichschoul- a Fuerschungssecteur. Ee wichtegen Termin ass eis viru Kuerzem vun der Regierung matgedeelt ginn: Den 13. Dezember 2014 sinn déi éischt Assises de la recherche. Do freeën ech mech schonn drop!

Ech soen Iech Merci fir Är Opmierksamkeet a brënge selbstverständlech den Accord vun der grénger Fraktioun zu dësem Projet de loi.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Merci och dem Här Adam. Nächsten ageschriwwene Riedner ass den Här Roy Reding.

M. Roy Reding *(ADR)*.- Merci, Här President. Léif Kolleegen: „Forschung strebt und ringt, ermüdend nie, nach dem Gesetz, dem Grund, Warum und Wie", sot de Goethe. Ech mengen, de Kolleeg Bauler an och anerer, aner Virriedner, hunn hei op d'Wichtegkeet vun eiser eenzeger Ressource naturelle higewisen, déi mer hei am Land nach hunn, an dat ass d'Matière grise. An dofir si mir als ADR ganz d'accord mat Iech alleguerten, fir d'Wichtegkeet, d'Vitalitéit vun der Fuerschung fir eist Land ervirzesträichen.

Mä ech hunn ee Problem, an Dir wësst dat, et ass eng Leier, dat ass den Artikel 7, et ass d'Quot am Verwaltungsrot. Ech géif Iech also bieden, wann Der d'accord sidd, wann ech deen néidege Support hei fannen, fir eis ze erlaben, e Vote séparé ze maachen iwwert den Artikel 7, well mer nach ëmmer der Meenung sinn - et huet nach kee Verfassungsrechtler mer de Contraire nogewisen -, datt déi Quot eiser Verfassung widersprécht. A mir hunn eis décidéiert, kee Gesetz ze stëmmen, wat enger Verfassung widersprécht.

Wann Der eis also géift erlaben, an engem Vote séparé den Artikel 7 ofzelehnen, da géife mer als ADR mat grousser Freed dat Gesetz do stëmmen.

Ech soen Iech Merci.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Merci och dem Här Reding. Nächste Riedner ass den Här Justin Turpel.

(Brouhaha)

M. Justin Turpel *(déi Lénk)*.- De Rapporteur seet, mat deem Projet de loi hei géife mer Weiche stellen. Ob mer se awer an déi richteg Richtung stellen, weess ech net, besonnesch, wann ee gesäit, datt dee Projet de loi sech hei areit an eng Strategie „Europa 2020", déi selwer schonn opbaut op enger Lissabon-Strategie, déi e géheiregen Échec war a gescheitert ass, déi awer duerno weidergeschriwwe gëtt am „Europa 2020".

Natierlech, natierlech ass et wichteg, méi an d'Fuerschung ze investéieren, wéi et gesot ginn ass, mä mat wéi enger Zilsetzung?

Mir investéieren zu Lëtzebuerg, wéi leider och op anere Plazen, ëmmer méi an d'Recherche appliquée, déi direkt soll Resultater brëngen. Ob d'Recherche appliquée awer dat ass, wat der Wëssenschaft am meeschten notzt, ass staark ëmstridden.

D'Recherche fondamentale dauert sécherlech vill méi laang wéi d'Recherche appliquée, déi en direkt Resultat sicht, sief et op wirtschaftlecher oder sozialer Ebene. Mä et ass déi, déi eis fundamental méi weiderbréngt, och wann dat mat Retard de Fall ass. Zum Beispill dem Einstein seng Relativitéitstheorie erlaabt eis haut, fir e GPS ze hunn. Den Einstein wousst sécherlech net, datt en d'Relativitéitstheorie géif fannen a sécherlech och net, datt et eng Kéier e GPS géif ginn. Mä den Ënnerscheed zwëschen der Recherche fondamentale an der Recherche appliquée ass sécherlech eng Diskussioun, déi méi seriö misst gefouert ginn, well an der Recherche fondamentale méi misst investéiert ginn an net ëmmer nëmmen no kuerzfristegen Ziler soll gekuckt ginn.

Deen zweete Punkt, deen ech wëll opwerfen, ergëtt sech aus de Contrats de performance an där sougenannter „culture des résultats". Dat kléngt gutt, mä et muss een awer kucken, wat sech do hannendru verstoppt. Eng éischt Saach, déi sech hannendru verstoppt, ass en immensen Drock op d'Chercheuren, mat Konsequenze fir hir Aarbechtsbedéngungen, déi net ëmmer positiv si fir d'Recherche.

Eng zweet Saach, déi sech hannendru verstoppt, ass och zum Deel bei de Contrats de performance an der Culture des résultats eng Verkennung vum wëssenschaftleche Prozess. An de Contrats de performance heescht et ënner anerem, et misst een «Publications à facteur d'impact supérieur à 2» kréien. Also, ech verstinn, datt méi wéi zwou wëssenschaftlech Publikatioune solle gemaach ginn, wat e Kritär ass, deen awer a Fuerschungskreesser ganz staark ëmstridden ass.

Een drëtte Punkt, dee mer wëllen opwerfen, dat ass, wat sech ergëtt - a mäi Virriedner oder mäi Vir-Virriedner, de Claude Adam vun deene Gréngen, huet op eng Rei Punkten higewisen -, wat sech vu Problemer, Froen, Ängschten aus der Fusioun ergëtt vum Lippmann mam CRP Tudor. Et bestinn de Moment wierklech vill Ängschte bei de Mataarbechter, well se net wëssen, wat mat hinne geschitt. Am administrative Beräich wäert sécherlech ofgebaut ginn, a ganz vill Leit hunn Angscht, hir Tâche ze verléieren. Am Virfeld hunn der och schonn eng Rei demissionéiert.

Och wa bei där Restrukturéierung vläicht elo net esou vill Leit entlooss solle ginn, datt e Sozialplang muss ausgehandelt ginn, wéi dat virdrun ugeschnidde ginn ass, esou wier et awer wichteg, datt mam Personal géif iwwert déi Restrukturéierung do diskutéiert ginn an all hire Konsequenze bis hin zum Volet Kommunikatioun.

Et stelle sech vill Froen, wat d'Salariéen ugeet, déi zum Beispill vun 2014 un - wéinst der Fusioun - keng Augmentatioun kritt hunn. Deemools hu se eng Biennale kritt, an duerno ass näischt méi geschitt.

Et stellt sech d'Fro zum Beispill: Ass virgesinn, datt am Règlement d'ordre intérieur d'Modalités de rémunération solle festgehale ginn? Et stellt sech d'Fro, ob dat net muss fir d'Éischt iwwer e Kollektivvertrag ausgehandelt ginn. Souwäit ech weess, ass d'Bestriewung do, fir e Kollektivvertrag auszehandele fir d'Centre-de-recherchen. Wou si mer do drun? Dat géif mech ganz kloer, ganz konkret interesséieren.

De Problem ass deen, datt souguer mat manner Effektiver déi nämlecht Objektiver bäibehale gi sinn. Dat heescht, datt d'Usprëch un d'Personal immens zougeholl hunn. Wéi gesäit dat an Zukunft aus?

D'Chambre des Salariés huet eng Rei Kriticken ubruecht, wouvunner eng positiv beäntwert ginn ass, nämlech déi, datt an de Conseil de concertation elo zwee Personalvertrieder drakommen. Et muss een awer wëssen, datt de Conseil de concertation ee konsultatiivt Gremium ass, an och, wa se effektiv e Stëmmrecht hunn, ass dat a leschter Instanz nëmme konsultativ. Par contre, de Vertrieder, de President vun der Personaldelegatioun, deen an de Conseil d'administration kënnt, huet leider nëmmen eng konsultativ Stëmm. An do stellt sech wierklech d'Fro, firwat datt net dee Comité mixte gemaach ginn ass, dee proposéiert ginn ass.

D'Fro stellt sech och par rapport zum Profil vum Generaldirekter, dee keen definéierte wëssenschaftleche Profil huet. Firwat? Aus wéi enge Kreesser soll dee rekrutéiert ginn?

An och bei den Droits d'auteur, wéi dat scho virdrun ugeklongen ass, gëtt et Réckschrëtter. Mir hate bei der Uni d'Léisung, datt bei den Droits d'auteur 50% fir d'Uni sinn, 50% fir d'Chercheuren. Hei gëtt dat opgelooss a par défaut geet emol alles un de Centre de recherche.

Et kéint een nach eng ganz Rei aner Punkten opféieren, mä vu datt et jo keen esou ëmwerfende Problem ass, wat d'Interesse och heibannen ugeet, sinn ech frou, datt mer déi Froen do kënnen diskutéieren.

Ech wëll awer soen: Well mer net wëssen, wou deen Zuch do hifiert, wäerte mir eis beim Vote zum Projet enthalen. Trotzdeem waarden ech gespaant op d'Äntwerte vum Statssekretär op all déi Froen, déi hei opgeworf gi sinn.

Merci.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Merci och dem Här Turpel. D'Wuert huet dann d'Regierung, de Statssekretär Marc Hansen.

Prise de position du Gouvernement

M. Marc Hansen, *Secrétaire d'État à l'Enseignement supérieur et à la Recherche*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech géif natierlech och wëllen ufänke mat engem Merci un de Rapporteur, den Här Negri, dee mir natierlech och d'Aarbecht ofhëlt, fir nach eng Kéier dee ganzen Historique ze maachen. Deen ass perfekt gemaach gi vun dem Rapporteur, soudass ech dorobber net méi muss agoen.

An ech géif awer och e puer Mercie wëlle lassginn un alleguerten déi Leit, déi un deene Fusiounsprozesser do matgeschafft hunn. Dat sinn d'Mataarbechter natierlech vun de CRPen, dem CEPS an der BioBank, an natierlech och während Joren déi puer Leit, déi am Ministère ebe bei eis schaffen an déi sech intensiv an exemplaresch domadder befaasst hunn.

Ech géif awer an deem Historique och wëlle soen, dass dat heiten natierlech e Gesetzes-

projet ass, dee vun der Regierung virdrun an dem Här Biltgen déposéiert ginn ass, an dass natierlech bei allen hei, wéi ech dat och héieren, e grousse Konsens ass, fir iwwert deen dote Projet ze schwätzen. An ech mengen, da muss een och deejéinegen nach eng Kéier ernimmen, deen deen dote Projet hei déposéiert huet, well et ass wierklech, esou wéi et och scho vun de Riedner a vun deene verschiddene Fraktioune gesot ginn ass, e wichtege Projet fir de Fuerschungsstanduert Lëtzebuerg.

Ech géif e puer Wierder wëlle soen iwwert den aktuelle Kontext, an deem dat Ganzt geschitt. Mir sinn eben 2014 amgaange gewiescht, all déi Contrats de performance an déi Contrats d'établissement mat der Uni ze ënnerschreiwen. Dat si véierjähreg Kontrakter, déi Objektiver an Ziler festleeën an natierlech och e ganze Koup u Moyenen deene verschiddenen Haiser zur Verfügung stellen. An do si mer bei 1,1 Milliarde fir déi véier nächst Joer, dat heescht eng Moyenne vun 275 Millioune pro Joer. Dat weist, dass och déi aktuell Regierung e ganz wichtege Poids op d'Recherche an den Enseignement supérieur leet.

Par rapport zu der aktueller Situatioun geet dëst Gesetz awer och e Stéck méi wäit. Ech mengen, duerch déi zwou Fusioune kréie mer an e puer Wochen natierlech ee ganz staarke Partner, deen neie Centre de recherche LIST, an natierlech och alleguerten déi aner Centre-de-recherchen, déi hei ernimmt goufen.

Mir kréien eng kritesch Mass. Mir sinn also méi staark opgestallt. Mir kréien eng international Ausriichtung an Attraktivitéit. An dat gëtt och am Moment ënnermauert - an dat ass Aktualitéit - mat engem europäeschen Teaming-Projet, duerch deen d'Exzellenz vum zukünftege LIST soll eropgeschrauft ginn an iwwert dee mer och an deenen nächste Wochen nach bestëmmt wäerten eng Kéier kënne schwätzen. An da wëlle mer natierlech och mat manner méi maachen. Dat heescht, mat deenen nämlechte Mëttele wëlle mer méi effikass a méi effizient ginn.

Ee Punkt, deen ervirgestrach gouf, dat ass natierlech déi 40%eg Quot fir den ënnerrepresentéierte Sexe, a mat de Regierungskommissäre wäerte mer et souguer wahrscheinlech an dësem Kontext op d'Paritéit packen, soudass mer herno 5:5 wäerten hikréien, an ech mengen, dat wär jo dann och eng gutt Saach. An ech sinn awer och iwwerzeegt, d'Madame Hansen huet dat ugeschwat, dass mer awer och e ganze Koup Fraen an der Welt schaffen hunn, déi och vu Lëtzebuerg kommen, an deem dote Beräich, an déi alleguerten och wäerten hiren Apport bréngen, fir hei d'Fuerschung an deene Centre-de-recherchen do weiderzebréngen.

Dann, ouni Referendum brénge mer et fäerdeg, fir hei d'Verwaltungsréit op zwee voll Mandater ze begrenzen, wat natierlech och eng wichteg Donne ass. An ech mengen, dat ass eben och ee Punkt, dee bestëmmt och dem Fuerschungssecteur dann natierlech zegutt wäert kommen, wann och do a regelméissegem Ofstand nei Iddien an Innovatioun, Approchen op déi verschidde Centre-de-recherchen duerkommen.

Ee Wuert awer och nach iwwert dem Här Reding säin Optrëtt mat deene Punkten, déi hien ervirbruecht huet. Ech hätt mer et bal geduecht, dass Der natierlech net kéint domadder d'accord sinn.

Ech war awer ganz paff, well et gëtt awer ee klenge Changement par rapport zu Ärer Positioun zum FNR. Wann ech mech net iren, hat Der do de Rapport och net ugeholl an der Chamberskommissioun, an deen hat Der hei awer ugeholl, soudass ech haut e bëssen iwwerrascht sinn, dass Der hei awer natierlech dann net méi den Accord gitt vun dem ADR hei op dëser Plaz.

(Interruption)

Et ass gutt. Mä de Rapport hat Der do awer op d'mannst gestëmmt, an dat war natierlech schonn e bëssen anescht wéi dat, wat Der nach beim FNR gemaach hutt. Dofir war ech e bëssen optimistesch, dass Der dat kéint och hei droen, wat fir de Fuerschungsstanduert natierlech eng gutt Saach gewiescht wär. Mä ech mengen, mir kommen awer virun, an dat ass jo dat Wichtegst um Enn vun dëser Debatt.

2015 gëtt dann och ganz interessant fir d'Fuerschung. E groussen Deel vun der Fuerschung an der Innovatioun plënnert op Belval. Do bidde mer dann och fir d'éischte Kéier ganz adaptéiert Raimlechkeeten, souwuel de Fuerscher wéi awer och der Uni; dat gëtt e Qualitéitssprong an awer och en Attraktivitéitszouschlag, dee mer bis elo nach net haten.

Mir hunn 2015 dann awer och d'Présidence, an do kënne mer och op EU-Niveau Schwéierpunkte setzen a ganz interessanten Dossieren. An da gouf natierlech och bei de pluriannuelle Kontrakter vun der Uni an de Centre-de-recherchen eng Revisiounsklausel fir Enn 2015 agebaut, déi et dann erméiglecht, fir och gewësse Parameteren ze ajustéieren a punktuell a gewëssene Beräicher nozebesseren. Mir wäerten do dann, an dat ass och ugeschwat ginn, verstäerkt op d'Kooperatioun an d'Koordinatioun zwëschen Uni an de Fuerschungsinstituter setzen an dat dann natierlech och an e puer wéinegen Domänen duerch international Partner verstäerken, wat der ganzer Saach natierlech och nëmme kann hëllefen.

Mir musse längerfristeg awer och der Uni an de Fuerschungsinstituter nach eng Kéier un d'Häerz leeën, hir europäesch Präsenz däitlech ze verbesseren an hir Fuerschungsexzellenz weider eropzeschrauwen.

Beim Output vun der ëffentlecher Fuerschung ass och nach vill Loft no uewen. An do zielen ech awer och op d'Mathëllef vun de Vertrieder vun den Entreprisen, déi och an Zukunft verstäerkt an de Verwaltungsréit vun de Fuerschungsinstituter sëtzen.

Den 13. Dezember hu mer dann och d'Assises de la recherche. Dat huet den Här Adam och ervirgestrach. Ech mengen, do sidd Der alleguerten - d'Memberen aus der Kommissioun - och invitéiert a mir erwaarden eis och vill, dass do vill iwwer Koordinatioun a Kollaboratioun zwëschen den Instituter an der Uni debattéiert gëtt an dass mer och domadder weiderkommen.

Dann hu mer och Enn '14, Ufank '15 d'Evaluatioun vun der OECD, déi op eis zoukënnt. An ech ginn dervun aus, dass mer da souwuel no den Assisë wéi no där Evaluatioun d'nächst Joer kënne weider Schrëtt ënnerhuelen, fir d'Fuerschung an den Enseignement supérieur awer och weiderzebréngen hei an dësem Land.

E puer Äntwerten awer och nach op déi Froen, déi gestallt goufen. Den Här Adam an den Här Negri hate relativ ähnlech gelagert Bemierkunge gemaach a Froen, wat den Zäitplang ugeet. De CEO, deen ass amgaang gesicht ze ginn. Do si mer an der Schlussphas an ech ginn dervun aus, dass mer Ufank Dezember de CEO wäerten hunn.

Et kann een op där anerer Säit awer soen, dass mer mat dem Här Reinig a mat dem Här Lemmer och de CEO an de strategeschen Innovatiounschef schonn emol am Haus hunn. Mat dem Här Jean Luc Pitsch hu mer e Finanz- an administrative Chef, a mir hunn och eng nei Ressource-humaine-Cheftaine, dat ass d'Madame Barbara Ditzler. Déi si schonn am Amt zënter Kuerzem an déi schaffen awer och schonn intensiv un där Problematik, déi Der hei ernimmt hutt, wat d'intern Kommunikatioun ass. An dat ass jo och eppes, wat an deem dote Kontext wichteg ass.

Et ass op dëser Plaz, mengen ech, wichteg ze ënnersträichen, dass et sécher e bëssen Opreegung gëtt virun esou enger Fusioun. Dat ass normal. Dat hutt Der ganz korrekt, och den Här Turpel, natierlech illustréiert. Ech ginn awer elo emol dervun aus, dass mer nach net solle vu Sozialplang schwätzen. Et ass vun eiser Säit erwënscht, dass déi Leit esou gutt wéi méiglech alleguerten an deem neie LIST och regruppéiert bleiwen, dass do deen een oder anere Réalignement wäert derbäikommen, wou Leit och emol vläicht hir Prioritéite mussen de Prioritéiten upassen. Dat ass selbstverständlech.

Et ginn och keng esou Fusiounen, ouni dass Spéin falen an dass dat fir Opreegung suergt. Dat ass och normal. Mä mir hunn och an deene leschte Wochen a Méint an de Conseils d'administration, wou jo elo nach Vertrieder vun de Ministërë sinn, insistéiert, dass deen dote Volet mat där néideger Sensibilitéit ugepaakt gëtt an dass dorobber opgepasst gëtt.

Mir hunn an der Chamberskommissioun och versprach, wéi mer d'leschte Kéier eng Kéier kuerz doriwwer geschwat hunn, dass mer an engen néng Méint eng Kéier zréckkommen an d'Chamberskommissioun, fir doriwwer ze schwätzen, wou mer an deem dote Kontext dru sinn. Well et ass natierlech elo esou, an enger éischter Phas wäert ganz vill Aarbecht uleien, och an deenen éischte Méint vun deem neie Joer, wou natierlech och déi administrativ Persounen alleguerten nach eng Kéier wäerten intensiv missen un där Fusioun, och iwwert den 1. Januar ewech, schaffen. An da musse mer natierlech eng Kéier de Bilan maachen, wou mer dru sinn a wat dee Moment alles geschitt ass.

Mä et läit eis och als Regierung drun, well et och am Virfeld ëmmer vun där Regierung virdru betount ginn ass, dass mir dat och iwwerhuelen, dass mer kucken, fir dass déi Leit alleguerten esou gutt wéi méiglech kënne mat op de Wee geholl ginn. Et muss natierlech jiddweree sech an engem Fuerschungsmilieu e bëssen a Fro stellen an da musse mer um Enn vun deem Prozess eng Kéier de Bilan maachen, wou mer dru sinn. Dat hu mer ofgemaach. A mir kommen natierlech och do eng Kéier an d'Chamberskommissioun, fir doriwwer ze schwätzen.

De Comité de concertation ass ugeschwat ginn. Deen ass agesat, dat hate mer lech jo och an der Chamberskommissioun als Erklärung ginn, mat Personaldelegéierten dran. De Comité mixte gouf opgeworf. Ech mengen, deen ass am Moment an engem anere Projet de loi iwwert den Dialogue social souwisou am Gespréich, an der Diskussioun, soudass mer deen elo hei net instauréiert hunn.

De Kollektivvertrag, déi Fro ass gestallt ginn. Déi Diskussioun ass bis no der Fusioun verréckelt ginn, fir doriwwer eng Kéier ze diskutéieren, soudass déi dote Punkten, mengen ech, eng Kéier alleguerten an Zukunft nach kënnen ernimmt ginn. An ech hoffen, dass domadder e puer Äntwerten op déi Froe konnte geliwwert ginn, déi Der hei gestallt hutt.

Den Här Bauler huet a senger Interventioun nach iwwert d'Culture scientifique geschwat. Do kann ech lech just soen, dass och genee dat, wéi Der et ernimmt hutt, am Moment relativ gutt méiglech ass. Mir hu jo déi zwee Ministèren, d'Éducation nationale an den Enseignement supérieur, ënnert därselwechter Tutelle a mir hunn notamment mat dem FNR, deen dat jo och als Missioun huet, Gespréicher ugefaangen, fir iwwert déi Culture scientifique ze schwätzen, wéi een déi schonn an dem Fondamental an och an dem Secondaire ka verstäerkt abréngen, fir dass mer och hei zu Lëtzebuerg jonk Leit kënne begeeschteren. Et schaffe vill Leit an deem heite Beräich, et si grouss Moyenen do, an da soll een natierlech och déi Leit, déi hei zu Lëtzebuerg wunnen, fir dee Beräich begeeschteren.

Op jidde Fall sinn ech frou fir déi grouss Zoustëmmung, déi et hei gëtt, an ech sinn och zefridden, dass mer dee Projet elo kënne stëmmen, deen de Fuerschungsstanduert op jidde Fall wäert weiderbréngen. An da musse mer natierlech eng Kéier doriwwer eraus kucken: Wou geet de Fuerschungsstanduert hin? Mir hunn elo eng Fusioun gemaach. Wat musse mer nach an deenen nächste Méint alles vläicht eng Kéier thematiséieren? Do ginn et och e ganze Koup u Plattformen, wou mer sollen nach verstäerkt och iwwer e weidert Zesammeleeën diskutéieren, fir dass mer déi Suen, déi jo awer relativ intensiv hei investéiert ginn, och esou gutt wéi méiglech kënnen asetzen.

Ech soen lech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Merci och dem Här Statssekretär. Domat si mer um Enn vun eisen Diskussiounen ukomm a mer kéinten zur Ofstëmmung iwwergoen.

Hei ass vun engem vun den Deputéierten de Vote par division gefrot ginn. Den Artikel 45 vun eisem Reglement seet: «La division est de droit, lorsqu'elle est demandée. L'auteur de la demande doit préciser les parties sur lesquelles il demande des votes séparés.» Dat ass geschitt. «Pour être recevable, la demande doit être appuyée par cinq députés.»

Ech géif froen, ob déi Demande vu fënnef Deputéierten ënnerstëtzt ass. Den Här Turpel.

M. Justin Turpel *(déi Lénk)*.- Merci, Här President. Ech sinn natierlech iwwerhaapt net d'accord mat deem, wat den ADR do freet. Mä dat brauch ech net hei ze betounen. Mä et muss awer d'Recht si vun all Deputéierten, fir kënnen e Vote séparé ze froen iwwer een Artikel. Dofir ënnerstëtze mir de Vote séparé vun deem Artikel a wiere frou, wann dat och prinzipiell emol kéint geregelt ginn.

Well de Moment, dat ass eng Diskussioun iwwert d'Verfassung, wou dat an der Verfassung de Moment drasteet. A mir wiere frou, wann eigentlech all Parteien, och d'CSV, d'accord wieren, fir dat an der Verfassung esou ze änneren, datt mer d'Recht vun all Deputéierten hunn, fir kënnen e Vote séparé zu engem Artikel ze froen, well dat einfach e wichtegt elementaart Recht muss si vun engem Deputéierten, fir Meenungsfräiheet kënnen hei auszedrécken.

Une voix.- Très bien!

M. Justin Turpel *(déi Lénk)*.- Also mir ënnerstëtzen dat an deem do Fall, och wa mer mam Inhalt net d'accord sinn, an hoffen, datt mer dee Problem do deemnächst geregelt kréien.

Merci.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Majo, da ginn ech dovunner aus, dass den Här Urbany an den Här Turpel d'Demande vum Här Reding ënnerstëtzen an dass deem seng zwee Kolleegen dat och maachen, soudass mer géifen e Vote iwwert den Artikel 7 vun dem Gesetzesprojet lancéieren.

Vote séparé sur l'article 7 du projet de loi 6527

Wie mat der Demande vum Här Reding d'accord ass, stëmmt...

M. Gast Gibéryen *(ADR)*.- Mir stëmmen iwwert den Artikel of.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Jo, mat der Demande iwwert den Artikel, selbstverständlech. Dann dréie mer et ëm. Wie mat deem Artikel, esou wéi e formuléiert ass, d'accord ass, dee stëmmt mat Jo. An deen, deen dergéint ass, dee stëmmt mat Nee.

De Vote ass lancéiert. D'Procuratiounen. Ech ginn dervun aus, dass de Vote ofgeschloss ass.

Ofgestëmmt hu 55 Membere vun der Chamber. Dovun hunn der 52 fir den Text, esou wéi en am Projet de loi virgesinn ass, an 3 dergéint gestëmmt. Dat heescht, den Artikel ass an där Form, wéi en am Projet ass, acceptéiert.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz et Claude Wiseler;

MM. Marc Angel, Frank Arndt (par M. Alex Bodry), Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten (par M. Roger Negri), Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot (par Mme Tess Burton), Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Edy Mertens (par M. Eugène Berger) et Mme Lydie Polfer (par M. André Bauler);

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Justin Turpel et Serge Urbany.

Ont voté non: MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

An da géife mer direkt iwwergoen zu der Ofstëmmung iwwert den Ensembel vum Projet de loi 6527.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6527 et dispense du second vote constitutionnel

De Vote fänkt un. D'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass eriwwer.

De Projet de loi 6527 ass mat 56 Jo-Stëmmen, bei 2 Enthalungen ugeholl.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Jean-Claude Juncker (par Mme Nancy Arendt), Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen (par Mme Octavie Modert), M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis (par M. Laurent Mosar), Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz et Claude Wiseler;

MM. Marc Angel, Frank Arndt (par M. Alex Bodry), Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten (par Mme Cécile Hemmen), Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot (par Mme Claudia Dall'Agnol), Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Edy Mertens (par M. André Bauler) et Mme Lydie Polfer (par M. Gusty Graas);

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Se sont abstenus: MM. Justin Turpel et Serge Urbany.

Ech ginn dervun aus, dass déi Enthalungen zur Genüge motivéiert sinn. Ech froen lech da just nach, ob Der dermat d'accord sidd, fir de Projet vum zweete verfassungsméissege Vote ze befreien. Ass dat esou?

(Assentiment)

Dann ass dat esou décidéiert. Merci.

Mir géifen dann zum nächste Projet iwwergoen. Dat ass de Projet de loi 6679 iwwert de Finanzement vum Max-Planck-Institut Lëtzebuerg. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgehalen. Den Här Rapporteur André Bauler huet direkt d'Wuert. Här Bauler.